



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro
n° 6458 vum 6. Juli 2022 vun den honorabelen Députéierten Martine Hansen a Léon Gloden**

Ad 1) an 2):

Et ass dem Minister bekannt, dass et säit dem 20. Juni 2022 zu enger Rei Abréich am Norde vum Land komm ass. Insgesamt sinn 8 Faiten der Police gemellt, dovunner 6 an den Dierfer Méchela, Bierden an Ierpeldeng. Och Bourschent war betraff. Et gouf an 3 Eefamilienhaiser, 3 Weekendhaiser, 1 Juegdhütt an an eng Schoul agebrach.

Ad 3):

De Service de police judiciaire ass matt den Enquête befaasst. Et ass net méiglech Informatiounen zu laafenden Enquêtes öffentlech ze maachen.

Ad 4):

De Policeminister ass net an di operationnel an alldeeglech Polizeiaarbecht agebonnen. Déi operationell Reaktioun op spezifesche Virfäll läit an den Hänn vun der Police.

Eng vun de Prämissen vun der Policereform vun 2018 ass, dass d'Police hier Dispositiver a Mesuren sou reaktiv wéi nëmme méiglech kann upassen, fir all Zorte vu Phänomener, déi en Impakt op d'öffentlech Uerdnung hunn, entgéintzewierken.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3644 vum 15. Februar 2021 vum honorabelen Députéierten Léon Gloden erkläert gouf, setzt d'Police weiderhinn op präventiv a visibel Police-Patrullen, an och op weider Präventiounscampagnen, dat bei gréissere generellen Aktiounen ('départ en vacances', europäeschen Dag ouni Abroch, asw.) esou wéi och bei eenzelne méi spezifeschen Aktiounen (Präsenz während der Foire du logement, Asaz vun der Präventiouns-Camionnette vun der Police zum Thema Abrochpräventioun bei gréissere Manifestatiounen mat Berodung op der Plaz, asw.).

Donierft huet d'Police d'Initiativ geholl fir all Gemengen z'invitéieren fir bei de Baugeneemegungen vu Privatwunnengen den Informatiounsflyer vun der Police zum Thema Abrochpräventioun bäizeleeën. Zousätzlech dozou krut all Gemeng eng informatesch Versioun dovunner geschéckt fir de Flyer an hirem Informatiounsblaatz ze publizéieren, wat och a ville Gemengen gemaach gouf.

All dës Aktiounen hunn als Haaptschwieerpunkt d'Sensibilisatioun vun Bierger par rapport zu der Thematik Abroch an den eenzele Protektiounsméiglechkeeten.

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX